LSAP

N°3593
Entrée le 04.02.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 05.02.2026
Chambre des Députés

Monsieur Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 4. Februar 2026

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.

Ufangs leschter Woch hunn d'Lëtzebuerger Medien d'Noricht opgegraff datt CFL Évasion no méi wéi 25 Joer seng Dieren zouméсht. Als Grond fir dës Entscheedung goufen, ënner anerem, eng Verännerung vum Tourismus-Secteur genannt.

An deem Kontext géing ech der Madamm Ministesch follgend Froe stellen:

1. Gesäit d'Regierung d'Schléissung vun CFL Evasion als e Réckschlag fir d'Reese mam Zuch?
2. Wéi vill Zuchtickete fir an d'Ausland sinn, opgeschlësselt op d'Joer, an de physeschen CFL Guicheten op der Gare 2023, 2024 an 2025 verkaf ginn?
3. Wéi vill Tickete sinn am nämmlechten Zäitraum, opgeschlësselt op d'Joer, iwwert Ticketsautomate verkaf ginn?
4. Wéi vill Leit hunn an der nämmlechter Period, erëm opgeschlësselt op d'Joer, Tickete fir an d'Ausland online, zum Beispill iwwert d'CFL International App, gebucht?
5. Wéi eng fënnef Länner waren an deene Joren déi heefegst Reesdestinatioun?

Mat déiwem Respekt

Yves Cruchten

Deputéierten

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu